de pefferkär

D'Alternativ fir Käerjeng

Gemengewalen 2017

Lëscht 5

Firwat sollt Dir e Sonndeg d'ADR wielen?

D'ADR ass eng sozial engagéiert Partei, déi d'Wäerter, d'Kultur an d'Sprooch vum Lëtzebuerger Land vertrëtt a verdeedegt. Mir maachen eis staark dofir, datt eis Lëtzebuerger Traditiounen an eis Manéier mateneen ze liewen dem Land a senge Bierger erhale bleiwen. Net nëmmen um nationalen Niveau, mee och um kommunalen, triede mir a fir d'Rechter vum Eenzelen an de Respekt vun der Demokratie.

Eng gutt Gemengeféierung këmmert sech ëm d'Sécherheet an d'Biergerbedeelegung. D'ADR setzt sech a fir passend Sécherheetsmoossnamen an all Gemeng. Mir ginn eis net zefridden, bis all Mënsch sech hei am Land nees sécher fillt a sech iwwerall ouni Angscht beweege kann, an dëst och zu spéider Stonn. A punkto Biergerbedeelegung fanne mir et méi wéi traureg, datt bis elo Gemengepolitik dacks iwwert d'Käpp vun de Leit ewech gemaach gouf.

D'ADR wëllt d'Gemengen zesumme mat hiren Awunner gestalten, an als hir Vertrieder d'Gemeng geréieren, amplaz ze dirigéieren. Aus dësem Grond fuerdert d'ADR kloer de Referendum op kommunalem Niveau. Zesumme mat den Awunner wëlle mir eng Gemeng schafen an erhalen, déi net just bewunnbar ass, mee och déi néideg Liewensqualitéit bitt. Dëst mat engem Wunnraum, deen d'Leit sech leeschte kënnen, ouni dofir mussen u Liewensqualitéit anzebéissen.

ADR an der Gemeng: zesumme mat den Awunner!

D'ADR mécht Politik, déi sech no de Bedierfnesser vun de Leit riicht an net ëmgedréint. Mir sinn dofir fir eng realistesch an effizient Ëmweltpolitik, déi net duerch realitéitsfriem Normen a Virschrëften de Leit an der Gemeng d'Bezuele vu Wunnraum onméiglech mécht. D'ADR wäert beim Erhale vu wäertvoller Bausubstanz hëllefen, an net d'Renovéieren an d'Baue mat iwwerspëtzte Reglementer onméiglech maachen. D'ADR mécht Politik fir d'Leit a mat de Leit.

Weider nach wëlle mir verhënneren, datt de Staat iwwert de Käpp vun de Gemengen ewech Entscheedungen trëfft, mat deenen d'Gemengen an hir Awunner direkt konfrontéiert sinn. Sou wäerte mir et net hinhuelen, datt de Staat, ouni der Gemeng an hiren Awunner hiert Zoustëmmen, e Flüchtlingsfoyer an der Gemeng ariicht.

Mir als ADR maachen eng kanner- a familljefrëndlech Gemengepolitik. Mir férderen héichwäerteg Crèchen, fuerderen awer, datt d'Elteren och ëmmer d'Méiglechkeet hunn, hir Kanner mat der néideger Zäit an Opmierksamkeet doheem erzéien ze kënnen. Mir sti fir eng Gemengeféierung, déi sozial ass, bei där kee Mënsch vergiess gëtt, och net eis eeler Matbierger, oder déi mat Krankheet oder Behënnerung.

Finanzen: kompetent a sozial verwalt!

D'ADR wäert sech dofir staark maachen, datt d'Gemengefinanze kompetent, sozial a mat Verstand gereegelt ginn. Da kënnt et net zu deenen onnëtzen an onsozialen Erhéijunge vun Taxen. Bestoend Taxe wäerte mir no soziale Kritären upassen, sou datt et hei eng méi gerecht Verdeelung wäert ginn. Deementspriechend géinge mir dofir suergen, datt d'Waassertax sozial berechent gëtt.

Sou hätt all Awunner pro Joer e gratis Waassersockel op de Kapp zegutt, an duerno gëtt de Waasserverbrauch mat enger progressiv gestaffelter Tax berechent. Domat hätt all Bierger säin néidege Grondverbrauch u Waasser ofgedeckt – schliisslech handelt et sech hei ëm e mënschlecht Grondbedierfnes. Esou eng progressiv Präisstaffelung géing awer gläichzäiteg verhënneren, datt déi liewenswichteg Ëmweltressource ouni nozedenke géing verbëtzt ginn.

ADR: jonk a couragéiert

D'ADR ass eng jonk a couragéiert Partei, déi hir Iddien net just a schéine Sonndesriede versprécht, mee och wierklech duerchsetzt a sech honnertprozenteg fir hir Gemeng asetzt.

Duerfir:

Den 8. Oktober all Stëmm fir d'ADR. Fir eng besser Gemeng. ADR – déi richteg Alternativ!

Inhaltsverzeechnes

Firwat sollt Dir e Sonndeg d'ADR wielen?
Säit 1
Gratis ëffentlechen Transport a keng Autos-Schikanen
Fir gutt Busverbindungen an d'Stad
Méi Privatsphär och beim Ëmweltschutz!
Säit 2
Bezuelbare Wunnraum mat Verstand plangen a schafen!
Eng Politik fir d'Familljen an d'Kanner
6 Prioritéite fir eis Gemeng
Eng Navette als Déngscht um Bierger
Säit 3
Zouverlässeg Sécherheet heescht och Sécherheet fir jiddereen!
Ëffentlech Ariichtungen a Rettungswiesen
Organiséiert Heeschen an Aarmut
Säit 4
Méi direkt Demokratie an der Käerjenger Gemeng
Fir datt de Bierger a senger Gemeng matschwätze kann!
Keng Benodeelegung vu Kënzeg, Féngeg a Lénger
D'Regierung reift sech d'Hänn!
Säit 5
30 Fudder Waasser gratis op de Kapp géint deier „gréng" Gemengepolitik
De Contournement – jo, awer mat engem minimalen Ëmweltimpakt!
Eng permanent Füchtlingsstruktur?
De Spioun an Ärem Doheem!
Säit 6
Eng vernënfteg a sozial Finanzpolitik zu Käerjeng!
Richteg wielen!
Member-Formulär
Säit 7
Eis Kandidate fir Är Gemeng
Säit 8

Fir gutt Busverbindungen an d'Stad

De Bus 215, dee fir eis Gemeng esou wichteg ass, hält am Ableck op der Charly's Gare. D'ADR setzt sech dofir an, datt dee Bus weider bis op de Kierchbierg fiert, bei d'Philharmonie a bis bei d'Klinik.

Am Ableck ass et esou, datt d'Leit, fir bis op de Kierchbierg ze kommen, musse vum 215 an déi Stater Bussen ëmklammen. Dat heescht vill Zäit verléieren, Ierger an Onbequemlechkeeten a Kaf huelen a schlussendlech, wéinst all deenen Onsécherheeten a Problemer, léiwer den Auto wéi de Bus huelen. Wa bis den Tram a Betrib ass, verschlëmmert sech d'Situatioun nach eemol.

D'ADR wëll sech am Gemengerot fir gutt, sécher, zouverlässeg an ekologesch Busverbindungen tëschent der Gemeng Käerjeng an der Stad asetzen!

Méi Privatsphär och beim Ëmweltschutz!

D'ADR ënnerstëtzt eng aktiv a volontaristesch Ëmweltpolitik. Dobäi verlaangt si awer Realismus amplaz blann Ideologie. Si wëll de Respekt virum Mënsch a senger Privatsphär erhalen, amplaz de Mënsch wëllen ëmzëerzéien, wéi besonnesch déi Gréng dat wëlle maachen.

Dowéinst huet d'ADR och Zweiwel, wat déi „intelligent Compteuren" ugeet. Eiser Meenung no, sollen d'Leit, ouni Nodeeler fir sech missen a Kaf ze huelen, kënnen decidéiere fir en analogen, elektresche Compteur ze behalen.

Ähnlech ass et beim Offall. All Moossnamen, déi aus Ëmweltsënn geholl ginn, z.B. beim Verpaken an der Taxéierung vum Offall, sollen d'Privatsphär an d'Dignitéit vun de Leit respektéieren. Dat gëllt besonnesch och am hygienesche Beräich.

Fir d'ADR soll den Ëmweltschutz dem Mënsch déngen, an net de Mënsch enger grénger Ideologie.

Gratis ëffentlechen Transport a keng Autos-Schikanen

De Verkéier zu Lëtzebuerg gëtt ëmmer méi schlëmm. D'Gemeng muss e séchert a gläichberechtegt Matenee vun alle Verkéiersdeelhueler garantéieren.

D'ADR huet eng kloer Linn a Saachen ëffentlechen Transport:

- Mir triede fir e gratis ëffentlechen Transport fir jiddereen an.
- Gemengenefforte fir den ëffentlechen Transport musse vum Staat ënnerstëtzt ginn.
- Den Tram ass keng Solutioun fir de Verkéiersproblem.
- Gemenge solle sech esou effikass wéi méiglech a regionale Reseaue verbannen, dat an enker Ofsprooch mat den Awunner. All Mënsch muss och no der Owes-Virstellung am Kino (also bis Hallefnuecht) nach gutt mam ëffentlechen Transport heem kommen.
- D'Awunner sollen zum Beispill iwwer d'Zuel an d'Plaz vun den Haltestellen an och iwwer d'Organisatioun vum Schoultransport kënne matschwätzen.
- Iwwerwaachungskameraen an de Bussen an Zich maachen den ëffentlechen Transport méi sécher.
- Den Individualverkéier muss eng Optioun bleiwen

Dräi Véirel vun den Trajeten am Land gi mam privaten Auto gemaach. Et ass net un enger Gemeng oder um Staat, dëse private Choix ze kontestéieren.

D'ADR ass géint Schikane fir Autofuerer a Form vun iwwerdriwwener Verkéiersberouegung, vu kënschtlecher Verknappung an Iwwerdeierung vu Parkméiglechkeeten oder vun ze deierem an ze knappem Parking résidentiel.

Wéinst der Sécherheet vun alle Verkéiersparticipanten däerf en Automobilist net récksiichtslos parken, a Wunnzonen ze séier fueren oder nuets onnéideg Kaméidi mam Auto maachen.

Onnéideg geféierlech Situatiounen (Bus- oder Vëlosspueren a Géigerichtung an Einbahnstroossen, Vëlosspuren op Trëttoiren an a Foussgängerzonen …) wëllt d'ADR net bestoe loossen.

Mir garantéieren

- en Ausnotze vum ganze Parkraum an der Uertschaft, ouni Aschränke vu méigleche Parkplazen (duerch iwwerdriwwe vill Liwwerzonen, Staange – fir Parkplazen déi keen hënneren ze blockéieren –, Parkverbuet laanscht d'Strooss ouni sécherheetsrelevant Ursaachen).
- eng Reglementéierung vum Parke vu Betribscamionnetten ausserhalb vu Wunnzonen.
- fléissende Verkéier op den Haaptverkéiersachsen an d'Uertschaft eran an aus der Uertschaft eraus mat, wann néideg, entspriechende Contournementen.
- verkéiersberouegt Wunnquartieren. Et solle verkéierstechnesch Mëttelen agesat ginn, déi den Autofuerer a säi Gefier iwwer d'Moosse belaaschten, also wa méiglech keng Hënnernesser iwwert déi ee muss am Schrëtttempo fueren.
- gutt Stroosseninfrastruktur a Verkéiersweeër, an dat och fir Foussgänger a Vëlosfuerer.

De Vëlo ass an deene meeschte Fäll méi e Sport- a Fräizäitgefier wéi e Fortbeweegungsmëttel, fir schaffen oder akafen ze fueren. Deementspriechend sollte Vëlospisten och méi regional an touristesch gesinn an ausgebaut ginn.

Käerjeng brauch e neien urbanistesche Konzept: manner Strooss, méi mënschefrëndlecht Wunnen!

adr
Alternativ Demokratesch Reformpartei

D'Alternativ fir Är Gemeng!

www.adr.lu

Bezuelbare Wunnraum mat Verstand plangen a schafen!

Studentewunnenge sinn en Ufank, mee och Stéit brauche Wunnengen, déi si sech leeschte kënnen!

Ëmmer méi Leit hu Schwieregkeete fir um Lëtzebuerger Wunnengsmaart en Daach iwwert dem Kapp ze fannen. Wat kann eng Gemeng maache fir dobäi ze hëllefen, datt hir Awunner genuch Wunnengen zu engem bezuelbare Präis fannen?

Leit, déi an enger Gemeng lounen, sollte sech kënnen op eng gutt funktionéierend Loyerskommissioun verloossen, déi mat duerfir suergt, datt si net ze deier bezuele mussen. Mee domat geet et net duer!

Moossname fir Leit mat klengem Akommes

All Gemeng soll fir sech e gewësse Prozentsaz un, gutt iwwer d'Quartiere verdeelte Sozialwunnenge festleeë fir keng "Ghettoen" ze schafen. Gemenge mat ville Sue kënnen an e Fong fir soziale Wunnengsbau investéieren.

- D'Prozedur fir eng sozial Wunneng zougedeelt ze kréien, muss transparent sinn, esou datt jidderee ka wëssen, wéini him geholl gëtt.
- D'Gemeng soll hire Bierger awer och hëllefe Proprietär ze ginn, z.B. mat Bankgarantien a si kann de „Portage foncier" als Méiglechkeet aféieren. Dee System huet géintiwwer dem „Bail emphythéotique" de Virdeel datt de Bauterrain an enger éischter Phas fir e symbolesche Betrag gelount gëtt. Säi Kafpräis erfält eréischt no e puer Joer, wann zum Beispill de Bau vum Haus bezuelt ass.

Bei gréissere Projeten am soziale Wunnengsbau soll en Deel Wunnenge fir Leit reservéiert sinn, déi net genuch verdénge fir eleng ze bauen, awer ze vill fir vum Staat gehollef ze kréien.

Moossname fir Leit, déi bauen oder kafen

- D'Bauufuerderungen däerfen de Präis vum Bau net an den Himmel dreiwen. Eng Gemeng däerf net den Haustyp (z.B. Passivhaus) bestëmmen.
- D'ADR ass géint Verstaatlechungen a géint eng staatlech Amëschung a Privataffären a privat Eegentum: Dat gëllt och fir d'Virkafsrecht vun der Gemeng, fir Baulücken an eidel Wunnengen.
- Verkeeft d'Gemeng eegen Terrainen um fräie Wunnengsmaart, däerf si net déi héich Maartpräisser froen. Si muss hëllefen, de Präis vum Bauland bezuelbar ze maachen.

Dat traditionellt Lëtzebuerger Bild vum eegenen Eefamilljenhaus ass fir vill Leit net méi ze bezuelen. Dat ännert de Charakter vun eisen Uertschaften. D'Gemeng muss awer oppassen, datt hire Charakter net verluer geet. Eng Gemeng muss kënnen natierlech wuessen. Si däerf net zu enger Schlofgemeng oder zu enger Wunnsiidlung ouni Séil ginn.

6 Prioritéite fir eis Gemeng

1. **Bezuelbaart Wunnen: D'ADR huet konkret Solutioune fir d'Gemeng!**
2. **Ëffentlech Sécherheet heescht Sécherheet fir jiddereen: Eis Gemenge brauche méi Police, eis Bierger brauche Kommissariater, do, wou si wunnen.**
3. **Mobilitéit ouni Dirigismus: D'Gemeng organiséiert de Matenee vun Auto, Foussgänger a Vëlo. Si mécht net de Choix vum Verkéiersmëttel.**
4. **Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen: Mir brauchen Uertschaften, wou Kanner sech kënne wuelfillen an entfalen.**
5. **D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun: Un der Gemeng ass et, eis Sprooch ze verbreeden.**
6. **Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz awer OCH mat Verstand: D'Gemeng muss an dëser Fro matschwätzen an d'Decisiounen däerfen net iwwer d'Käpp vun de Bierger ewech geholl ginn.**

Eng Politik fir d'Familljen an d'Kanner

D'ADR ass déi Partei, déi sech, méi wéi all aner, resolut fir d'Familljen an d'Kanner asetzt! Dat heescht, datt si de Famillje wëll e wierklechen, och materiell realistesche Choix ginn, ob si hir Kanner wëlle selwer doheem erzéien oder ob si se wëllen an eng Struktur (Crèche, Maison Relais, Dagesmamm) ginn. Dowéinst verlaangt d'ADR d'Aféierung vun engem Elteregeld. Mat deem Geld – dat aus soziale Grënn wéi eng Pai der Besteierung an de Sozialcontributiounen ënnerläit – kënnen d'Eltere maachen, wat si wëllen: deen Elterendeel ënnerstëtzen deen d'Erzéiungsaarbecht doheem mécht oder awer z. B. eng Crèche oder eng Maison Relais bezuelen.

Fir datt dee Modell awer funktionéiert an och all Famill wierklech e Choix huet, muss et genuch Strukturen a Plaze fir Kanner an eiser Gemeng ginn. Déi Defiziter, déi et am Ableck zu Käerjeng an deem Beräich gëtt, mussen also ausgeglach ginn.

Dëst ass awer nëmmen en Deel vun deem, wat d'ADR wëllt fir eis Kanner maachen: sécher an zum Deel iwwerdeckte Spillplazen, Spillstroossen, sécher Schoulweeër, Kultur a Liese fir Kanner férderen an nach vill méi si Virschléi, déi mir mat Begeeschterung vertrieden.

D'ADR wëllt och eise Kanner hir Kandheet zréckginn. Net elektronesch Medien eleng sollen d'Liewe vun eise Kanner bestëmmen, mee wierklech sozial Kontakter, kierperlech Beweegung, Mobilitéit a Geschécklechkeet, d'Entwécklung vun der Fantasie an den Zougank zu Sport a Musek sollen eis Kanner zu méiglechst glécklechen, ausgeglachenen a kierperlech a séilesch gesonde Mënsche maachen.

De Kanner e verantwortungsvollen Ëmgank mat digitale Medie bäizebréngen ass fir eis e wichtegen Deel vun hirer Erzéiung. Dat ass eng grouss Erausfuerderung, mee mir si bereet déi unzehuelen.

D'ADR ass och déi eenzeg Partei, déi decidéiert géint déi multilingual Fréierzéiung antrëtt. Fir eis soll an de Crèchen, am Precoce an am ganzen éischten Zyklus Lëtzebuergesch geschwat ginn. Eis Kanner sollen eis Sprooch, eis Lidder an eis Kultur léieren an déi auslännesch Kanner sollen op deem Wee perfekt integréiert ginn.

Eng Navette als Déngscht um Bierger

D'ADR fuerdert méi Geschäfter an deene klengen Uertschaften an eiser Gemeng. Sou laang dat net de Fall ass, sinn d'Leit zu Kënzeg, Féngeg a Lénger fir all Kommissioun op den Auto ugewisen. Dat dréit zum Verkéierschaos an der Gemeng bäi an ass och alles anescht wéi sécher oder ëmweltfrëndlech. Dobäi däerf een net vergiessen, datt nach laang net jiddereen en Auto huet oder domat fuere kann oder wëll.

Dowéinst wëll d'ADR eng Busnavette aféieren, déi d'Awunner vun eiser Gemeng regelméisseg an den Zentrum vu Käerjeng a bei déi grouss Geschäfter féiert. Léit déi mussen op d'Gemeng eppes an d'Rei maache goen oder déi e puer Kommissioune wëlle maachen, brauchen dann net méi ëmmer en Auto.

Fir d'ADR ass esou Service net nëmmen eng bequem an ëmweltfrëndlech Iddi, mee si dréit och dozou bäi, datt eis Gemeng méi zesummewiisst.

De Picky seet:
Gréng wierkt… ganz besonnesch am Portmonni, z.B. mat vill Erhéijunge vun den Taxen, sou wéi fir d'Dreckskëschten. Oder mat méi héije Präisser fir den ëffentleche Verkéier.

Organiséiert Heeschen an Aarmut

An eiser Gemeng Käerjeng ass dee Phänomen vum organiséierte Heeschen nach kee grousse Problem, anescht wéi z.B. an der Stad. Awer d'ADR ass fest decidéiert fir dofir ze suergen, datt et déi Form vu mënschenonwierdeger Ausbeutung hei am Land néierens méi gëtt.

Déi fräi Zirkulatioun vun den EU-Bierger gëllt nëmmen dann, wa si genuch Eegemëttelen hunn fir hir Existenz ofzesécheren. Déi europäesch Traitéë goufen net geschriwwe fir Mënschenhandel oder d'Exploitatioun vu sozial schwaache Leit ze favoriséieren. Wat hei geschitt ass e klore Mëssbrauch vun där Beweegungsfräiheet a muss ënner anerem och als dat bekämpft ginn.

D'Police, Justiz an d'Douane, mussen dowéinst déi néideg rechtlech Moyene kréien. Dozou gehéiere selbstverständlech kloer Reegelen iwwer den Openthalt op eisem Territoire wéi och dat Instrument vum Plazverweis, woumat gewësse Leit den Openthalt op bestëmmte Plazen kann zäitweileg verbuede ginn. Dës Dispositiounen applizéiere sech net just bei organiséierten Heeschebanden, mee kënnen och a geféierleche Situatiounen, géint Drogendealer oder kriminell Organisatiounen agesat ginn.

Eng ganz aner Fro ass d'Bekämpfung vun der Aarmut. Hir muss anescht entgéintgewierkt ginn wéi duerch Heeschen. Dofir ënnerstëtzt d'ADR – net just op nationalem, mee och op kommunalem Plang – datt Leit an Nout, déi e Recht hunn, hei am Land ze sinn, effikass gehollef kréien.

Als méiglech Moossname gesi mir vir, datt déi Betraffen en Ënnerdaach an e wierdegt Liewen erméiglecht kréien, z.B. mat betreitem Wunnen, Nuetsfoyeren, Vollekskichen, Kaffis- an Téistuffen. Dobäi muss esou wäit wéi méiglech hir speziell Liewenssituatioun berécksiichtegt ginn. Wien eng Adress an en Doheem huet, fënnt och méi liicht eng Aarbecht.

D'ADR ënnerstëtzt déi Organismen, déi sech op kommunalem oder regionalem Plang mat deenen Aufgabe beschäftegen. Si sinn extrem wichteg. D'ADR wëll déi Leit „déi op der Strooss liewen" nees an d'Gesellschaft integréieren, mat enger Wunneng, enger Aarbecht, an enger reeller Liewensperspektiv.

de pefferkär

Oplag: 4.400
Verantwortlech fir dëse *pefferkär* fir d'Gemeng Käerjeng ass d'Alternativ Demokratesch Reformpartei
22, rue de l'Eau
L-1449 Lëtzebuerg

www.adr.lu

Zouverlässeg Sécherheet heescht och Sécherheet fir jiddereen!

All Mënsch huet dat Recht a Sécherheet ze liewen. Dofir mussen de Staat an d'Gemeng enk zesummeschaffen. Themen, wéi z.B. d'Burka-Verbuet, déi just national an eenheetlech kënne gereegelt ginn, däerfen net op d'Gemengen ofgewänzelt ginn. D'ADR huet scho laang e nationale Verbuet gefuerdert.

D'ADR ass och dofir, datt Käerjeng en eegene Polizei-Kommissariat behält. Wann déi aktuell Regierungskoalitioun deen awer ofschaaft, da muss garantéiert sinn, datt d'Police méi, an net manner, präsent an der Käerjenger Gemeng ass. De sozialistesche Minister ass eis bis elo dee Beweis schëlleg bliwwen.

D'Zesummenaarbecht tëscht der Gemeng an der Police muss méi enk ginn. Hei maache mir eis staark dofir, datt d'Gemeng Käerjeng zesumme mat der Police a mat hire Bierger e lokale Sécherheetsplang ausschafft, dee reegelméisseg op seng Effikassitéit iwwerpréift gëtt.

D'ADR wäert sech weiderhi fir d'Konzept vun enger Noperschaftspolice asetzen. D'Proximitéit vu gläich zwou Grenze mécht et awer och néideg, besonnesch op déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit, besonnesch bei Abréch, uecht ze dinn.

D'ADR hält och drop, datt d'Vitesslimitten an de Wunnquartieren agehale ginn. Déi Stroosse si keng Schnellstroosse oder Schläichweeër fir presséiert Pendler. Hei geet et schliisslech ëm d'Sécherheet vun eise Kanner!

D'ADR wëllt, datt Käerjeng en eegene Polizei-Kommissariat behält.

Ëffentlech Ariichtungen a Rettungswiesen

Déi ëffentlech Ariichtunge vun enger Uertschaft kënne vill zur Sécherheet bäidroen. Dowéinst setzt sech d'ADR dofir an, datt déi sougenannten urban Miwwelen (Busarrêten, Bänken asw.) op eng Manéier ugeluecht sinn, déi gläichzäiteg Sécherheet a Bequemlechkeet bitt. Do wou et néideg ass, mussen och déi ëffentlech Gebaier duerch technesch Moossnamen oder duerch d'Präsenz vu Personal geschützt ginn

Och de lokale Rettungsdéngscht spillt eng wichteg Roll bei der Sécherheet.

Och de lokale Rettungsdéngscht spillt eng wichteg Roll bei der Sécherheet. Oft si Mënschen an Noutfäll – wou et net seelen ëm Liewen an Dout geet – op hir Präsenz a qualifizéiert Hëllefsleeschtungen ugewisen. D'ADR wëllt datt, trotz deene geplangte Reformen, d'Gemeng hei net all hir Responsabilitéit an hir Méiglechkeeten zugonschte vum Staat verléiert. Si proposéiert, datt d'Pompjeesveräiner an deenen eenzele Gemenge bestoe bleiwen, fir weiderhi méiglechst vill fräiwëlleg Leit am Rettungswiese kënnen auszebilden. Esou Veräiner si wichteg fir d'Liewe vun enger Stad, fir d'Solidaritéit ënner de Leit an och fir d'Integratioun.

D'Pompjees- an d'Rettungswiese sollen an eisen Aen déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir sech beschtméiglechst op lokalem Terrain organiséieren ze kënnen. Datt si dobäi da mat nationalen, professionellen Unitéite kënnen a sollen intensiv zesummeschaffen ass eng Selbstverständlechkeet.

Méi direkt Demokratie an der Käerjenger Gemeng

Datt d'ADR sech fir méi direkt Demokratie asetzt, ass bekannt: si ass déi Partei, déi méi op de Referendum wëll zréckgräifen, souwuel op kommunalem wéi och op nationalem Plang. Fir d'ADR ass d'Decisioun vum Bierger wichteg a verdéngt Respekt. Fir aner Parteien, déi virun allem un hiren eegene Pouvoir denken, ass e Referendum „populistesch" - wat dat och ëmmer soll heeschen. D'ADR zu Käerjeng ass de Käerjenger Leit besonnesch dankbar fir hire klore Vote beim Referendum vun 2015: 84,29% géint d'Auslännerwalrecht bei enger nationaler Moyenne vun 78, 02%.

D'ADR war deemools déi eenzeg Partei, déi vun Ufank un an ouni ze zécke fir den 3x Nee militéiert hat. D'ADR huet och Léieren aus där Campagne gezunn: Si ass fir e Referendumsgesetz, dat dofir soll suergen, datt déi zwou Säite solle fair an equilibréiert Konditioune während enger Referendumscampagne kréien. D'Schwäiz kann eis dobäi inspiréieren.

Och zu Käerjeng wëllt sech d'ADR konsequent fir eng Verbesserung vun der Demokratie an der politescher Transparenz asetzen. Dozou gehéieren d'Iwwerdroung vun de Gemengerotsëtzungen iwwer Internet, méi Gespréicher mat de Bierger, eng gutt a politesch equilibréiert Ëffentlechkeetsaarbecht vun der Gemeng an nach villes méi.

D'ADR weess, datt d'Politik net nëmme fir de Bierger muss gemaach ginn, mee, virun allem, weess si datt d'Politiker ëmmer nëmme Mandatäre vum Vollek sinn. D'Politiker stinn net iwwer dem Vollek mee si musse sech fir d'Leit asetzen. Wann dat och fir aner Parteie vläicht „populistesch" ass – fir eis ass et eng Verflichtung, op déi mir houfreg sinn.

D'Politiker sinn ëmmer nëmme Mandatäre vum Vollek.

Fir datt de Bierger a senger Gemeng matschwätze kann!

Dat politescht Matsproocherecht vum eenzele Bierger ass der ADR ganz wichteg. Si wëll erreechen, datt déi direkt politesch Participatioun an d'Transparenz an der Gemeng weider ausgebaut ginn, z.B. andeems

- de lokale Referendum mat vereinfachte Modalitéiten erméiglecht an och benotzt gëtt.
- d'Bierger gutt a korrekt informéiert ginn, besonnesch duerch objektiv a politesch neutral Berichter vun de Gemengerotsëtzungen.
- Informatiounsversammlungen iwwer all grouss Projeten a viru wichtegen Decisiounen ofgehale ginn.
- Iwwerdroungen an Informatiounen iwwer d'Gemeng och iwwer de Wee vum Internet a lokalen Televisounskanäl bruecht ginn. Fir esou Servicer ze erméiglechen, mussen och méi Gemenge kënnen zesummeschaffen.

Der ADR no muss den Déngscht um Bierger eng Prioritéit fir d'Gemeng sinn. Dowéinst këmmert si sech dorëm, datt d'Gemeng

- administrativ Demarchen esou einfach wéi méiglech mécht an och baussent de „normalen" Bürosstonne fir dës Demarchen accessibel ass.
- och fir staatlech Verwaltunge Biergerdemanden entgéinthuelen an dobäi berode kann.
- méiglechst vill Demarchen och iwwer Internet zur Verfügung stellt.
- nieft dem Online-Format ëmmer och de Pabeierformat ubitt.

Nëmmen eng Gemeng déi no um Bierger ass, ka wierklech fir dësen do sinn!

Keng Benodeelegung vu Kënzeg, Féngeg a Lénger

No der Gemengefusioun stellt sech ëmmer méi eraus, datt Verschiddenes muss nogebessert ginn. Am Kader vun deem Gesamtkonzept, dat d'ADR fir eis Gemeng verlaangt, sollt och nach eemol doriwwer nogeduecht ginn, wéi eng Infrastrukturen an administrativ Erliichterungen deene Leit, déi net zu Käerjeng selwer wunnen, kënnen ugebuede ginn. Dat geet vun engem Biergerbüro, iwwer d'Busverbindungen a vun de Geschäfter bis hin zu engem Bankomat. Mat der ADR ass Schluss mat der Passivitéit an där Fro: Fir si ass d'Gemeng e Ganzt, an deem d'Besoine vun alle Bierger mussen eeschtgeholl ginn, egal wou si wunnen .

D'Regierung reift sech d'Hänn!

Ass lech eigentlech opgefall, datt de ganze Summer, an elo nach bis an den Hierscht iwwerhaapt net vun eiser Regierung geschwat ginn ass? Bei hirem Beléiftheetsgrad wäert Gambia doriwwer awer och net rose sinn. Esou Gemengewale sinn dach och d'Geleeënheet, fir Gambia ze weisen, wéi beléift d'Regierung ass.

Tatsächlech steet d'Regierung och an dëse Gemengewalen zur Wiel: Et sinn déi nämmlecht Parteien, déi d'TVA erhéicht hunn, déi an de leschte Joren ënnert ekologesche Virwänn och un de Gemengentaxe gedréint hunn, bis vill Leit et bal net méi packen.

Et ass déi nämmlecht Regierung, déi op Wuesstem schwiert, an deenen hir lokal Politiker d'Infrastrukturen net méi an der Rei gehale kréien a keng bezuelbar Wunneng an hirer Gemeng kënne presentéieren. Wann d'Gemengen am Verkéier erstécken, läit dat och un deem Wuesstem, deen d'Regierungsparteie mam bloe Finanzminister a mat de Gambia-Lokalpolitiker an der Chamber feieren. An de gréngen Transportminister kritt de Chaos net an de Grëff.

Et ass d'Gambia-Regierung, déi d'Stiet forcéiert, ëmmer méi Awunner ze hunn an och dat lescht Stéck Gewan zouzebauen fir méi Suen ze kréien. Net nëmme schuet déi Politik de Landgemengen, mee si mäscht d'Haaptstad an d'Gemenge ronderëm an och grouss Südgemengen, well si wuessen, obwuel déi haut schonn éischter zevill Awunner hunn, wéi net genuch.

Wann also DP, LSAP an Déi Gréng lech dat Blot (oder dat Rout oder dat Gréngt) vum Himmel verspriechen oder sech iwwert den Zoustand an der Gemeng bekloen a soen, si kéinten awer net duerfir, dann denkt drun, datt si an hir Parteien an der Chamber déi Politik matdroen, déi hei am Land d'Problemer mécht!

Eng permanent Flüchtlingsstruktur?

De schwaarz-grénge Schäfferot huet ugekënnegt, datt eng permanent Flüchtlingsstruktur fir 60 Persoune soll op Käerjeng kommen. D'ADR erënnert bei där Geleeënheet drun, datt si fir eng aner Migratiounspolitik antrett: sécher Grenzen an Asyl, respektiv „internationale Schutz", nëmme fir déi Leit, déi no deene relevanten, internationale Konventiounen dozou berechtegt sinn. Dat sinn der däitlech manner, wéi déi aktuell Gambia-Koalitioun – fläisseg ënnerstëtzt vun der CSV –, der am Ableck an d'Land léisst. Géing d'Politik vun der ADR ëmgesat ginn, sou bräicht Käerjeng och keng eege Migrantestruktur. Déi Strukturen, déi elo am Land existéieren, géingen da scho vollkommen duergoen.

D'ADR freet sech och, wéi déi Leit sollen encadréiert ginn, op déi Plaz, déi fir déi Struktur virgesinn ass, wierklech dofir gëeegent ass, wéi eng Erausfuerderungen op eis Schoulen an aner Infrastrukturen doduerch duerkommen a wéi eng Sécherheetsfroen sech eventuell stellen. Esou e Konzept hätt de Bierger mussen am Viraus virgeluecht an zesumme mat hinnen diskutéiert ginn.

D'ADR engagéiert sech, sollt si an de Gemengerot gewielt ginn, fir dëse Froen am Detail no ze goen an eventuell och e kommunale Referendum iwwer dës Fro unzereegen.

De Spioun an Ärem Doheem!

Iwwerall an eise Gemenge gi well sougenannten „intelligent", digital elektresch Compteuren installéiert. Haut ass nach net ofzegesinn, wat déi Compteuren alles miessen, vläicht och enges Daags kënne beaflossen a wat mat där Onmass vun Daten, déi iwwer esou Compteure gesammelt ginn, geschitt. Fir d'ADR ass deen intelligente Compteur jiddefalls eng potentiell ganz grouss Gefor fir d'Privatsphär an d'Fräiheet vun de Leit.

Dowéinst setzt d'ADR sech dofir an, datt d'Leit – wa si dat wëllen – ouni Méikäschte kënnen en analoge Compteur behalen, an datt déi Daten, déi duerch digital Compteure gesammelt ginn, strenge Reegelen ënnerworf ginn. Mir wëllen als ADR net, datt duerch esou nei Technologien, d'Leit kënnen ongewollt e „Spioun" doheem installéiert kréien, deen hir Liewensgewunnechten – zum Beispill ënner dem Virwand vum Klimaschutz – ka kontrolléieren a vläicht och dirigéieren.

Matschaffen!

Froen?

Ureegungen!

Hutt Dir Froen oder Ureegungen? Oder géingt Dir gär aktiv bei eis matschaffen? Dann zéckt net a rufft einfach un, ënnert der Nummer:

+352 26 20 37 06

30 Fudder Waasser gratis op de Kapp géint deier „gréng" Gemengepolitik

Schonn e komescht Gefill, wann ee mueres fréi d'Leit mat hire Grompereschiele gesäit ëm d'ëffentlech Dreckskëscht schläichen ... Dreck ass e richteg deiere Spaass ginn. A wie seng deier bezuelte Poubelle méi dacks virun d'Dier setzt, dee brauch sech iwwer d'Gemengerechnungen net ze wonneren. Duerfir entsuerge Leit hir Reschter ëmmer méi dacks an d'ëffentlech Dreckskëschten, déi dann och séier voll sinn, esou datt d'Leit net wësse wouhi mat deene Saachen, déi daagsiwwer esou ewechzegeheie sinn, wann een net doheem ass.

Gewosst ass, datt praktesch all zweet elengerzéiend Mamm de Risiko huet, an d'Aarmut ze falen. Wéi soll esou eng Mamm mat zwee klenge Kanner an engem entspriechende Verbrauch u Wëndelen iwwer d'Ronne kommen, wann eis Gemeng hir bei der Poubelles-Tax esou déif an d'Täsch gräift?

Un deem Beispill erkennt een, wéi ongerecht déi Gemengentaxe sinn. Si treffe jiddereen d'nämmlecht, deen, dee sech et ka leeschten an esou Zommen aus dem Aarm rëselt, awer och deen, deen all Mount Problemer huet, fir iwwer d'Ronnen ze kommen. Dat ass genee wéi d'TVA, déi och den Ënnerscheed net mécht, ob deen, deen akeeft, räich oder aarm ass. Dës Taxen treffe jiddereen d'nämmlecht, awer si dinn deenen enge méi wéi, wéi deenen aneren.

Et war ni esou, datt d'Leit Problemer haten, fir d'Rechnunge vun der Gemeng ze bezuelen. Et ass awer esou, datt d'Lëtzebuerger Taxepolitik an eng Richtung gaangen ass, datt d'Leit ëmmer méi déck Rechnunge kruten. No enger grénger Iddi sollten d'Leit reell bezuelen, wat e Gemengeservice kascht. Dat onofhängeg dovun, datt vill Gidder a Servicer, déi d'Gemeng eis verkeeft, jo net der Gemeng gehéieren, mee och all deene Leit, déi et deier musse bezuelen.

Zum Beispill d'Waasser, wat ee fréier selwer un eng Quell siche gaangen ass. Parallel sinn ëmmer méi streng Riichtwäerter festgesat ginn, déi d'Liwwerung vun extra propperem Waasser och ëmmer méi deier gemaach hunn. Allerdéngs ass d'Waasser och ëmmer méi belaascht ginn a war méi schwéier drénkfäerdeg ze maachen. Dat war awer net d'Schold vun all Mënsch, mee all Mënsch muss haut fir déi deier Filteranlage bezuelen.

D'ADR setzt hei un an zwar mat enger sozialer Approche.

Eis Iddi, fir all Mënsch 30 Fudder (also 30.000 Liter) Waasser am Joer gratis ze ginnan de Waasserverbrauch, deen doriwwer erausgeet progressiv gestaffelt ze taxéieren, mécht genee dat. Dat Gratis-Waasser geet fir d'éischt emol ongefëier duer, fir de Verbrauch fir d'perséinlech Hygiène ze decken. Wat elo am Stot nach ufält, fir ze kachen an ze botzen, kascht e vernënftege Waasserpräis.

Wien allerdéngs all Dag e risege Gaart nätzt (ouni Reewaasser duerfir ze sammelen), wien all Dag Trëttoir, Gaardemauer a viischt Trap ofsprëtzt, den Auto wäscht an eventuell och nach eng grouss Schwämm hannert dem Haus huet, muss sech bewosst sinn, datt dee Luxus op d'Waasserrechnung schléit esoubal säi Verbrauch iwwert dem Sockel läit.

- **D'ADR setzt sech a fir de Bierger!**
- **D'ADR denkt an handelt sozial!**
- **Bei der ADR geet d'praktesch Approche iwwer all blann Ideologie!**

D'ADR ass géint Dirigismus iwwert de Portmonni: Mir sinn do, fir dem Bierger ze hëllefen, an net fir de Bierger mat deieren Taxen ze strofen. Mir halen eis net fir de d'Schoulmeeschter vum Land an ënnerscheeden eis domat vun allen anere Parteien!

De Contournement – jo, awer mat engem minimalen Emweltimpakt!

D'ADR hat viru Joren duerch hiren deemolege Gemengeconseiller Paul Kutzner d'Propositioun vun enger Variant analog där haiteger Variant 2, am Gemengerot gemaach. Si ënnerstëtzt dohier weider d'Iddi vum Contournement – deen immens wichteg fir Käerjeng ass – allerdéngs mat e puer markanten Ënnerscheeder zu där Léisung, déi haut diskutéiert gëtt, well d'ADR wëllt den Impakt op d'Ëmwelt esou kleng wéi méiglech halen! Dowéinst wëllt si d'Eisebunn „deckelen", also den Zuch duerch en Tunnel fuere loossen an d'Strooss esou wäit wéi méiglech op deen Tunnel bauen. Alternativ kann och d'Strooss ënner d'Eisebunn geluecht ginn. Mir wëllen d'Schneis duerch de Bësch net nach méi breet maachen, mee de Bësch a seng Déiere schützen. Firwat soll hei am Land net méiglech sinn, wat well am Ausland déi allgemeng Praxis ass? An hu mir net och schonn am Gréngewald Tunnelle gebaut fir d'Ëmwelt ze schounen? Fir eis als ADR kënnt et net a Fro, datt de Contournement eng Naturzon zerstéiert. Eis Propositioun huet gläich dräi Virdeeler: si léist de Verkéiersproblem, si schount d'Ëmwelt a si erlaabt et, d'Belaaschtung duerch de Kaméidi duerch baulech Moossnamen ze miniméieren.

Ausserdeem ass d'ADR Käerjeng der Meenung, datt den Impakt op Suessem muss esou kleng wéi méiglech sinn. Déi Variant vun der ADR huet d'Regierung awer bis elo leider net analyséiere gelooss – wéi si seet aus Käschtegrënn. D'ADR verlaangt awer, datt hir Propositioun seriö analyséiert gëtt! Ass et der Regierung – wuelgemierkt ënner grénger Bedeelegung! - da léiwer, d'Ëmwelt weider ze schiedegen, amplaz no verantwortungsvolle Léisungen ze sichen?

De Contournement elo ...
awer mat enger intelligenter Léisung, w.e.g.!

Eng vernënfteg a sozial Finanzpolitik zu Käerjeng!

E verantwortungsvolle Schäfferot geet virsiichteg mat deene Suen ëm, déi him uvertraut sinn. D'Gemeng Käerjeng hat eréischt virun e puer Joer 25 Milliounen Euro duerch d'Fusioun kritt an elo, just e puer Joer méi spéit, sinn d'Keese scho bal eidel.

D'ADR wëllt dofir suergen, datt d'Gemeng eng vernënfteg an ausgeglache Finanzpolitik bedreift an net an eng Scholdespiral erageréit.

Dofir muss eng laangfristeg Finanzplangung suergen. Souwuel bei den Infrastrukture wéi och bei der Entwécklung vun der Zuel vun hire Mataarbechter muss eis Gemeng Fouss bei Mol behalen. Spuersamkeet ass awer net dat selwecht wéi Knéckegkeet: Eis Veräiner sollen zum Beispill op déi Ënnerstëtzung kënnen zielen, déi si brauchen.

Mir mussen zesummen oppassen, datt eis Gemeng net an eng Defizitssituatioun erageréit. D'ADR ass jiddefalls net der Meenung, datt esou en Defizit da soll duerch d'Erhéijung vu Gemengesteieren an Taxen ausgeglach ginn. Eiser Meenung no heescht et: de Budget mat deene Mëttelen ausgläichen, déi do sinn. D'Erhéijung vu Steieren an Taxen ass dacks onsozial, eppes wat d'ADR aus Prinzip refuséiert. Si erënnert zum Beispill dorun, datt d'Waasser sech an deene leschte Joren onheemlech verdeiert huet, wourënner besonnesch vill Famillje leiden.

Als Géigemoossnam proposéiert d'ADR, e Grondsockel beim Waasserverbrauch gratis ze maachen, an alles, wat doriwwer eraus geet, progressiv ze besteieren, sou datt déi Reform zwar deene sozial Schwaache géing hëllefen, fir d'Gemeng am Ganzen awer käschtenneutral wär.

D'Gefor besteet, datt aner Parteien, fir de Budget am Gläichgewiicht ze halen, Steiererhéijungen no der Wal wëlles hunn. Ëmmer nees ass zum Beispill d'Grondsteier am Gespréich. D'ADR wëllt sech an der Gemeng géint Steiererhéijungen asetzen.

Souwuel bei den Infrastrukture wéi och bei der Entwécklung vun der Zuel vun hire Mataarbechter muss eis Gemeng Fouss bei Mol behalen.

Richteg wielen!

Dir wëllt der ADR bei dëse Gemengewalen esou gutt wéi méiglech hëllefen? Eise Walsystem erlaabt Iech dat op zwou Manéieren:

Am einfachsten a séchersten ass et, wann Dir de Krees iwwert der ADR-Lëscht schwaarz maacht. Esou stellt Dir net nëmme sécher, datt keng Stëmm fir d'ADR verluer geet, mee dir ënnerstëtzt domat och all ADR-Kandidat gläicher Moossen.

Wann Dir awer ee vun eise Kandidate besser kennt oder ganz besonnesch gutt fannt an dësen dofir gär extra ënnerstëtze wëllt, da kënnt Dir Ärem Wonschkandidat och zwou Stëmme ginn. Duerno fänkt dann allerdéngs d'Zielen un: An deene Këschtercher hannert de Kandidatennimm kënnt Dir insgesamt **15 Kräizer** verdeelen, dann hutt Dir Äre Stëmmemaximum erreecht, an dësen däerf net iwwerschratt ginn. De Krees iwwert der ADR-Lëscht däerft Dir dann awer NET méi markéieren.

adr

A.D.R - Alternativ Demokratesch Reformpartei

Kartheiser Fernand		
Kutzner Paul		
Colbach Laurence		
Flesch Charlotte		
Gross Nadine		
Harles Scheila		
Justen Nancy		
Losch Patrick		
Prott Antoine		
Runck ép. Oesch Margrit		
Saddi Sandro		
Tartarelli Angelo		
Thein Steve		
Tintinger Maggy		
Wolff Marie-Louise		

---------- ausschneiden an un ADR 20, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken ----------

Gitt Member an der ADR, a frot och Är Famill a Frënn, fir Member ze ginn.

De Joresbäitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

Numm & Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

E-Mail: .....

Walprogramm (Lëtzebuergesch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_l/

Wahlprogramm (Deutsch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_d/

Programme électoral (Français)
- https://adr.lu/alternativ_2017_f/

Election program (English)
- https://adr.lu/alternativ_2017_e/

Programa eleitoral (Português)
- https://adr.lu/alternativ_2017_pt/

adr-
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Alternativ fir Käerjeng!

Lëscht 5

Kartheiser Fernand
58 Joer, Féngeg
Deputéierten

Kutzner Paul
68 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Colbach Laurence
31 Joer, Uewerkäerjeng
Hausfra

Flesch Charlotte
73 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Gross Nadine
52 Joer, Käerjeng
Hausfra

Harles Scheila
36 Joer, Uewerkäerjeng
Gemengenaarbechterin

Justen Nancy
27 Joer, Uewerkäerjeng
Aide-Educatrice

Losch Patrick
51 Joer, Käerjeng
Salarié

Prott Antoine
74 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Runck ép. Oesch
Margrit
71 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Saddi Sandro
34 Joer, Käerjeng
Salarié

Tartarelli Angelo
44 Joer, Uewerkäerjeng
Kach

Thein Steve
39 Joer, Käerjeng
Employé CFL

Tintinger Maggy
67 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Wolff Marie-Louise
64 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

D'Alternativ fir Är Gemeng!